



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Ministesch fir Justiz,
op d'parlamentaresch Ufro n° 5639 vum 1. Februar 2022
vun den honorabelen Deputéierten Claude LAMBERTY a Max HAHN**

Ad Fro 1 : *Wéi si Schéissstänn hei am Land allgemeng reglementéiert ?*

D'Schéissstänn falen ënnert de Punkt 060410 vun der Nomenklatur vum modifizéierte Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwer geneemegungspflichteg Betriber, dat sougenannte «Kommodosgesetz» a brauchen deemtsprechend eng Kommodosgeneemegung.

An där Kommodosgeneemegung leet den Aarbechtsminister d'Konditiounen fest, fir d'Sécherheet vum Public a vum Voisinage, souwéi d'Sécherheet, d'Hygiène an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz, d'Salubritéit an d'Ergonomie am Kader vun där Exploitatioun ze garantéieren.

Doriwwer eraus decidéiert natierlech all Gemeng selwer, ob ee Schéissstand op sengem Territoire kann an dierf exploitéiert ginn.

Ad Fro 2 : *Wien dierf zu Lëtzebuerg op e Schéissstand schéisse goen ?*

Am ofgeännerten Waffegesetz vum 15. Mäerz 1983 ass deemno virgesinn, dass eng volljäreg Persoun eng Net-Feierwaff déi eng kyneschesch Energie vu méi wéi 0,5 Joules awer manner wéi 7,5 Joules, ouni Autorisatioun vum Justizministère, um direkte Wee vun doheem op ee Schéissstand oder enger autoriséierte Schéisskompetitioun um lëtzebuurger Territoire dierf transportéieren an do och schéissen, an dat ënnert der Konditioun, dass déi Persoun och eng valabel Memberskaart an enger Scheissassociatioun huet. Net-Feierwaffe mat enger kyneschescher Energie vu manner wéi 0,5 Joules falen net an den Uwendungsberäich vum ofgeännerte Waffegesetz vun 1983. Ee Mannerjärege muss de schrëftlechen Accord virleeë vun der Persoun déi d'autorité parentale iwwert dëse Mannerjärege huet. Et dierf och just mat Net-Feierwaffe geschoss gi wann entweder d'Persoun déi d'autorité parentale iwwert dëse Mannerjärege huet derbäi ass, oder eng Persoun déi op mannst säit 2 Joer Titulaire vun enger *autorisation de port d'armes* ass. Mat enger Net-Feierwaff vu méi wéi 7,5 Joules oder enger Feierwaff muss d'Persoun, déi op ee Schéissstand wëll goen, Titulaire vun enger *autorisation de port d'armes* sinn.

Ad Fro 3 : *Ginn zu Lëtzebuerg och Coursen fir Privatleit a Betriber ugebueden ?*

Et ass net ausgeschloss oder *per se* verbueden, dass den Exploitant vun engem Schéissstand och Coursë fir Privatleit oder Betriber kéint ubidden.



Ad Fro 4 : Falls jo, wat fir Konditioune muss een do erfëllen a brauch ee fir un esou engem Cours deelzehuelen e Waffeschäin ?

Fir un esou engem Cours selwer dierfen deelzehuele brauch ee kee Waffeschäin. Natierlech ënnerläit awer d'Schéissen um Schéissstann de Reegelen déi am Waffegesetz festgeluecht sinn. Et gëtt hei op d'Äntwert op d'Fro 2 verweisen.

Allgemeng ass ze bemierken dat d'Kommodosgeneemegung technesch an organisatoresch Konditioune festleet wat d'Sécherheet während der Exploitatioun ugeet. An de Geneemegunge gëtt net festgeluecht wien un esou Coursen dierf deelhuele a wéi eng Konditioune mussen erfëllt sinn.

Ad Fro 5 : Ginn op lëtzebuergesch Schéissstänn och taktesch Übungen fir Zivilisten ugebueden?

Eisen Informatiounen no si bis elo iwwert d'Kommodosgesetz just Schéissstänn ugefrot an geneemegt ginn, wou den Tireur stationär ass.

Ad Fro 6 : Ginn an dem Kontext reegelméisseg Kontrolle op de Schéissstänn gemaach ?

Vu dass der ITM net bekannt ass, dass et zu Lëtzebuerg Schéissstänn gi wou taktesch Übung fir Zivilisten ugebuede ginn, ass an deem Kontext keng Kontroll duerchgefouert ginn.

Lëtzebuerg, den 28 Februar 2022.

D' Ministère de la Justice

(s.) Sam Tanson